

Lëtzebuerg, den 1. Abrëll 2022

Här Fernand ETGEN  
Chamberspresident  
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH  
PARTEI

Chambre des Députés  
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Wunnungsbauminister weiderzeleeden:

*„Aktuell steet de Gros vun den alen Déngschtwunnenge vun der Police zu Colmar-Bierg eidel. Fir dëse Wunnengen eng nei Bestëmmung ze ginn ass dowéinst och am Moment e PAP an der Maach.*

*Bis dass dësen allerdéngs ofgeschloss ass, a vu déi aktuell Situatioun mam Krich an der Ukrain, kéinten dës Wunnengen och als Logement fir Flüchtlinge genotzt ginn.*

*An deem Kader wollt ech dem Här Wunnungsbauminister folgend Froe stellen:*


- Ginn et Pläng, fir an de genannte Wunnengen Flüchtlingen ënnerzebréngen?*
- Wa jo, kéinten déi Wunnengen direkt genotzt ginn oder missten nach Aarbechten duerchgefouert ginn?*
- Wou sinn d'Aarbechten um PAP drun?“*

Mat déiwem Respekt,

9, rue du St. Esprit  
B.P. 510  
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1  
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu  
www.dp.lu



André BAULER  
Deputéierten